

# **IFLA/UNESCO Manifest vun den öffentliche Bibliothéiken 1994**



*Luxembourgish version of the IFLA/UNESCO Public Library Manifesto*

Fräiheet, Wuelstand an d'Entwécklungsméiglechkeet vun der Gesellschaft an dem Individuum gehéieren zou den Grondwäerter vum Mënsch. Alleng d'Fähegkeet vu gutt informéierte Bierger, hir demokratesch Rechter auszeüben an aktiv an der Gesellschaft matzewierken, s'echert dës Wäerter. Konstruktiv Participatioun un der Demokratie an hirer Entwécklung, baséieren op enger äusräichender Bildung, wéi och op dem fräien an onageschränkten Zougrëff op d'Wëssen, d'Denken, d'Kultur an d'Informatioun.

Als lokal verfügbaren Zougang zum Wëssen bitt d'öffentlech Bibliothék déi néideg Grondvoraussetzung fir e liewenslaangt Léieren, onofhängeg Uerteelsbildung an déi kulturell Entwécklung vum Einzelnen a vu gesellschaftlechen Gruppen.

Dëse Manifest verkënnegt d'Iwwerzeegung vun der UNESCO, dass d'öffentlech Bibliothéiken eng lieweg Kraaft fir d'Bildung, d'Kultur an d'Erzéiung duerstellen. Si ënnerstëtzen de Fridden an déi ënnerlech Wo vun der geeschteger Kraaft vu Männer a Fraen.

## **Déi öffentliche Bibliothék**

D'öffentlech Bibliothék ass e kommunalen Informatiounszentrum. Si mécht hire Benotzer all Zort vu Wëssen an Informatioun liicht zougängelech.

D'öffentlech Bibliothék bitt hir Déngschtleeschungen nom Prinzip vun der Gläichberechtigung vum fräien Zougang un, ouni d'Alter, d'Rass, d'Geschlecht, d'Relioun, d'Nationalitéit, d'Sprooch oder de soziale Urspronk ze consideréieren. Speziell Déngschtleeschungen a Materialien mussen fir déi Benotzer preparéiert ginn, déi - äus wat fir enge Grënn och ëmmer -, déi normal Offeren net kënnen an Usproch huelen, wéi z. B. Minoritéiten, Behënnerter, Persounen a Spidoler oder a Prisongen.

All Altersgruppen mussen fir hir Besoinen geeegent Materialien fannen. D'Fongen an d'Zervisofferen mussen souwuel all geeegent Medientypen a modern Informatiounstechnologien, wéi och traditionell Materialien consideréieren. Héich Qualitéit an d'Bedeutung fir d'lokal Besoinen a Relatiounen sinn d'Grondvoraussetzungen. Materialien mussen sech souwuel mat dem aktuellen Discours an dem Entwécklungsstand vun der Gesellschaft wéi och mam Gediechnis u Leeschtungen a Phantasie vun den Mënschen äusenansetzen.

Bibliothéiksfongen an d'Déngschtleeschtungsofferen dierfen weder iergend enger Form vun ideologescher, politescher oder reliéiser Zensur, nach engem kommerziellen Drock, ënnerleien.

## **D'Aufgaben vun der öffentlecher Bibliothék**

Déi folgend entscheidend Aufgaben äus de Beräicher Informatioun, Alphabetisatioun, Bildung a Kultur sollten zum onverzichtbarem Programm vun öffentliche Bibliothéiken gehéieren:

1. Liesanimatioun a Liespromotioun vum Prescolairesalter;
2. Ënnerstëtzung vum individuellen a selwer bestëmmte Léieren wéi och vum formaliséierten Bildungsprozess, op alle Niveauën;
3. Offere vu verschiddene Méiglechkeeten zur kreativen Entwécklung vum Eenzelen;
4. Ureegung vun der Phantasie an der Kreativitéit vu Kanner a Jugendlecher;
5. Förderung vu Wëssen iwwert d'kulturell Ierfschaft, d'Konschtversteesmech, de wëssenschaftleche Leeschtungen an Innovatiounen;
6. D'Hiféieren zou ënnerschiedlechen Äusdröcksformen vun allen duerstellenden Kënscht;
7. D'Fleeg vum interkulturellen Dialog an d'Ënnerstëtzung vun der kultureller Diversitéit;
8. D'Stärkung vun der mëndlecher Iwwerliwwerung;
9. Sëcherung vum bürgerleche Recht op Zougang zou all Formen vu staatlecher Informatioun;
10. Bereetstellung vun Informatiounsdeingschter fir lokal Initiativen, Veräiner an Interessegruppen;
11. D'Aféierung an de Gebräuch vun de modernen Informatiounstechnologien;
12. Ënnerstëtzung a wou néideg Initiativ a Participatioun u Kampagnen a Programmer zou Liespromotioun fir all Alter.

### **Finanzéierung, Legislatioun a Vernetzung**

D'Benutzung vun der ëffentlecher Bibliothék soll grondsetzlech näischt kaschten. D'ëffentlech Bibliothék gehéiert an de Responsabilitéitsberäich vu kommunalen a nationalen Administratiounen. Si muss vun enger spezifescher Legislatioun gedroe ginn an duerch national a kommunal politesch Autoritéiten finanzéiert ginn. Sie muss en essentiellen Bestanddeel vun all Laangzäitplangung op dem Gebitt vun der Kultur, Informatiounspolitik, Liespromotioun a Bildung sinn.

Fir d'landeswäit Koordinatioun an d'Kooperatioun vun de Bibliothéiken ze garantéieren, muss Legislatioun an Duerchsetzungsstrategien och e nationale Bibliothéiksreseau festleeën an duerchsetzen, deen den akzeptéierte Leeschtungsstandards entsprécht.

D'Vernetzung vun ëffentlechen Bibliothéiken muss souwuel mat de National-, Landes-, Forschungs- an Spezialbibliothéiken wéi och mat de Schoul-, Fachhéichschoul- an Universitätsbibliothéiken ofgestëmmt ginn.

### **Betrieb a Management**

Néideg sinn däitlech politesch Erklärungen zur Ziilsetzung, de Prioritéiten an den Déngschtleeschungen an Ofstëmmung mat de Bedierfnësser vun der Gemeng.

Zesummenarbecht mat nätzleche Partneren, wéi z. B. Benotzergruppen a Spezialisten sur place, an der Region, landeswäit an international, muss geséichert ginn.

Déngschtleeschungen mussen fir all Member vun der Gemeng erreechbar sinn. Dat setzt viräus, datt Bibliothéiksgebeier an enger gudder Lag leien a gutt Lies- a Schaffméiglechkeeten wéi och relevant Technologien an un dem Benotzer séng Bedierfnësser ugepassten Öffnungszäiten huet. Et sinn Offeren mat opsichender Bibliothéiksarbecht matabegräff, fir déi Leit déi d'Bibliothék net besiche kënnen.

D'Offeren vun der Bibliothék mussen op déi ënnerschidlechst Ufuerderungen vun der ländlecher an städtescher Gesellschaft äusgeriicht sinn.

De Bibliothekär / d'Bibliothekäerin erfëllt d'Aufgab vum aktiven Mediateur tëschent Benotzeren a Quellen vun Informatioun a kulturellem Ierwen.

Eng professionell Äus- a Weiderbildung vum Bibliothekär / der Bibliothekäerin stellen unverzichtbar Viiraussätzungen als Garant fir d'Qualitéit duer.

Weiderféierend Programmer a Benotzerformatiounen mussen Hëllef ubidden, fir all Méiglechkeeten vun der Bibliothék ausnotzen ze kënnen.

### **Duerchsätzung vum Manifest**

Decideuren op nationalem a kommunalem Niveau an d'international Bibliothéikskomminautéit ginn heimat äusdrécklech opgefuerdert, d'Grondsätz vun dësem Manifest duerchzesetzen.

(Dëse Manifest ass an der Kooperatioun mat der *International Federation of Library Associations and Institutions* (IFLA) entstanen.)

[Translation by / Iwwersetzung fir d'ALBAD: Béatrice Gloden]